PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/12/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Cultes weiderzeleeden.

Nach ëmmer gi Mënsche weltwäit wéinst hirer sexueller Orientéierung diskriminéiert. An och wann de Code pénal esou eng Diskriminatioun ënner Strof stellt, gëtt et awer ëmmer nees Ausnamen. Eng konkret Ausnam schénge verschidde Glawensgemeinschaften ze sinn.

Am US-Bundesstaat Michigan huet de Bistum ugewisen, dass keng Persounen "déi ëffentlech an enger gläichgeschlechtlecher Bezéiung liewen" dierfen gedeeft, gefirmt oder eng lescht Salbung erhalen. Och transsexuell Mënsche mussen sech, fir sech fir hier Identitéit entschëllegen, wann si erëm Deel vun där Kierch wëlle sinn. Kanner aus Gläichgeschlechtleche Bezéiungen dierfen dann hei och net méi mat anere Kanner gedeeft ginn, mee just nach "privat".

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung der Meenung, dass esou Decisioune kënnen een negativen Impakt op d'mental Gesondheet vun de Betraffenen hunn? Wéi positionéiert d'Regierung sech par Rapport zur Annonce aus Michigan?

2. Kann d'Regierung ausschléissen, dass d'kathoulesch Kierch zu Lëtzebuerg op de selweschte Wee wäert goen, well eis Gesetzer esou eppes net erlabe géifen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député